Le caractère urgent de la question a été reconnu (23.09.19)

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
23 SEP. 2019
1231

PIRATEN

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23ten September 2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Konsumenteschutz weiderzeleeden.

De Moie gouf bekannt, dass Thomas Cook wäert de Betrib astellen, a soumat Weltwäit eng 600.000 Touristen op hier Vakanzendestinatioun fest setzen. Déi britesch Regierung huet ee Noutfallplang, déi gréisse Réckféierungsaktioun a Friddenszäiten, a Kraaft gesat. Zu Thomas Cook gehéieren och Firme wie Condor a Neckermann, wou och hei zu Lëtzebuerg hier Client hunn.

An der Schweiz ass een „Garantiefonds der Schweizer Reisebranche" an Däitschland een „Reisesicherungsschein" aktiv.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1 .Wei sinn Touriste mat Wunnsëtz zu Lëtzebuerg ofgeséchert?

2. Wäert Regierung ee Plang aktivéiere fir des Touristen zeréck op Lëtzebuerg ze bréngen?

3. Fir déi Touriste wou gebucht hunn, awer hier Rees nach net ugetruede sinn, wäert et do Moossname ginn, fir des Touristen ze entschiedegen?

Mat déiwem Respekt,

Marc GOERGEN
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Protection
des consommateurs

Dossier suivi par : Nadia Djebbar
Tél.: 247-73726
Mail: nadia.djebbar@mpc.etat.lu

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
30 SEP. 2019

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
L-2450 bd. F.-D. Roosevelt

Luxembourg, le 27 septembre 2019

Objet: Question parlementaire urgente n° 1.231 « Rapatriement en cas de faillite d'un voyagiste » du 23 septembre 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre des Classes moyennes et de la soussignée à la question parlementaire n° 1.231 « Rapatriement en cas de faillite d'un voyagiste » du 23 septembre 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma haute considération.

Paulette Lenert
Ministre de la Protection des consommateurs

Äntwert vun der Ministesch fir Konsumenteschutz a vum Minister fir d'Mëttelklass op di dringend parlamentaresch Fro n° 1.231 vum Deputéierte Marc Goergen

---

Den honorabelen Deputéierten huet eng Serie Froen am Zesummenhang mat der Insolvenz vum Reeskonzern Thomas Cook gestallt.

1. D'Ofsécherung vun de Reesende mat Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hänkt vu verschiddene Konditiounen of, déi op der Direktiv iwwert Pauschalreese festgeluecht sinn. Déi Direktiv ass iwwert de Code de la consommation transposéiert ginn. Et kënnen sech dräi verschidde Situatioune stellen:

- De Reesenden huet eng Pauschalrees gebucht:

Den Organisateur vun der Pauschalrees muss en obligatoreschen Insolvenzschutz hunn, deen et erméiglecht, de vun der Insolvenz betraffene Reesenden ze rapatriéieren an him déi net prestéiert Déngschtleeschtungen ze rembourséieren.

- De Reesenden huet bei engem Prestataire zwou oder méi liéiert Reesdéngschtleeschtungen ofgeschloss:

An dësem Fall ass et dem Prestataire, deen d'Reesdéngschtleeschtunge verkaf huet säin Insolvenzschutz, dee fir eventuell Remboursementer an de Rapatriement, wann deen Deel vun den Déngschtleeschtunge war, opkomme muss.

- De Reesenden huet just eng eenzeg Prestatioun, zum Beispill nëmmen e Vol oder nëmmen en Hotel gebucht:

An dësem Fall gëtt et keng obligatoresch Garantie an de Reesende muss op eege Käschte kucken, säi Réckfluch z'organiséieren.

2. Op Basis vun den Informatiounen, déi den Ament virleien, gëtt et à ce stade kee Grond, e Plang fir de Rapatriement vun de Touristen z'aktivéieren.

3. E Remboursement vun den engagéierte Käschten ass iwwert den Insolvabilitéitsschutz bei Pauschalreesen a liéierte Reesdéngschtleeschtunge virgesinn. Bei eenzele Prestatioune muss de Reesende säi Recht an der Insolvenzprozedur gëllent maachen.